



Freideg, de 25. Januar 2019  
um 20 Auer an der Schungfabrik Téiteng

### De Scholdschäin

De Scholdschäin ass am Joer 1855 vum Dicks geschriwwen ginn. Et ass dat éischt Theaterstück a Lëtzebuurger Sprooch.

D'Yannchen Hoffmann an de Carlo Hartmann presentéieren den 23. September 2018 am Stater Cercle dat éischt Theaterstück, wat a Lëtzebuurger Sprooch geschriwwen gouf:

D'Operett vum Dicks

#### DE SCHOLDSCHÄIN (1855)

Desweidere spille mat d'Stéphanie Schlink als "Marréi" an den Al Ginter als de "Schuechteg-Botzer".

Musikalesch Begleedung mat der ganz grousser 69-ger Wittmann Dréiuerger, déi 2015 extra fir esou Produktiounen zu Wien gebaut gouf.

Net nëmmen, datt de SCHOLDSCHÄIN dem Dicks säi lëschtégst Komédisstück ass (mat Evergreens wéi: Dee freie geet sief gutt gekleet, Gëff mer eng Bees, O du mäin am Kamäin, ...), mee wéi der et beim Duo Hartmann & Hoffmann gewinnt sidd, mat schéine Kostümer an opulentem Bühngebild.

No der Opféierung vum Dicks séngem Scholdschäin ass nach Zäit fir ze tanzen. „Ee Bal bal wéi fréier“ heescht et dann. Danzmusic mat der grousser Dréiuerger – dat däreft der äch net entgoe loossen.



Tickets :

Vorverkauf / prévente : 12.- € (+ VVK-Taxe / taxe de prévente)

[www.luxembourg-ticket.lu](http://www.luxembourg-ticket.lu) - Tel.: +352 47 08 95 1

[www.ticket-regional.lu](http://www.ticket-regional.lu) - Tel.: 20 30 10 11

Abendkasse / Caisse du soir: 20.- €

Freideg, den 8. Februar 2019  
um 20 Auer an der Schungfabrik Téiteng

### Love Letters mam Ensemble Den Theater.lu

Regie	Marion Poppenborg
Et spillen	Danielle Wenner Claude Fritz
Technik	Marcel Hamilius

D'Melissa an den Andrew sinn déi rebellesch Duechter aus feinem Haus, sensibel, labil, ëmmer op der Sich nom Sënn an Halt am Liewen, an hien, den amerikaneschen Opsteigerdram, intelligent, verantwortungsbewusst, dee Mann, deen als Senator mat Billerbuch-Carrière a Billerbuch-Familljeliewen Erfolleg wäert hunn. Si zwee tauschen schon an der Primärschoul kleng Ziedelen aus.

An hierem ganze Liewe wäert en onkonventionelle Bréifwiessel si matenee verbannen. An och wa se am entscheidende Moment net de Courage hunn, hir Léift ze liewen a wéi zwee Koméiten ëmmer erëm laanschteneen ze sausen, sou "liewen" se an hire Bréiwer alles.

Sou ass dem A.R. Gurney säi Stück eng beweegend Liebesgeschichte, intelligent, witzeg an, déi eis all beréiert.

Kee Wonner, datt se zanter Joren zu de groussen bestännegen Theatersuccèsen zielt an a méi wéi drësseg Sproochen iwwersat gouf.

Virun zwee Joer gouf d'Stück am TO, och ënner der Regie vum Marion Poppenborg, op Franséisch gespillt. Dofir ass d'Ekipp vum Theater.lu frou, grad am TOL déi lëtzebuergesch Versioun ze kreéieren.



Schéi Feierdeeg wënscht de Syndicat d'Initiative